

„Firwat Member vum Dikricher Beieverbain ginn?“

Vill vun eisen Beienziichterinnen an Beienziichter hunn den Dikricher Verain fonnt, well si sech fir d'Beien intressieren an léieren wollten wéi een domadder emgeet. Domadder ass kloer dat d'Motivatioun fir eppes iwwert d'Beien ze léieren eent vun den gréissten Argumenter ass firwat d'Memberschaft an engem Beieverbain esou wichteg ass. Zu Dikrich zum Beispill informieren mir all Saison eis Nei- an Nach-net-Imker driwwer wat di optimal Viraussetzungen sinn fir Beien ze halen, wéini d'Theorieskueren bei der Federatioun (FUAL) uginn an wéi di praktesch Kueren op eisem Stand an der Hooldär oflafen.

Domadder ass et awer net gelaf. Och no deenen 2 Joer prakteschen Kueren déi mir uroden ass een nach laang keen Expert an begéint ëmmer rëm nei Situatiounen di een nach net hat oder net kennt. Do ass et natierlech wichteg dat een vun deem „Schwarmwëssen“ profitieren kann wat esou een Verain huet. Well all Treffen vum Verain bréngt rëm jonk an erfueren Beienziichter beieneen, genee sou wéi d'Unhänger a Benotzer vun den verschiddenen Këschtenmoossen an Materialien, an souguer Bio- an traditionell Imker. An meeschtens offenen an konstruktiven Gespréicher loosse sech esou vill Erfarungen austauschen, Rotschléi sammelen an nei Iddien diskutieren.

Do dernieft gëtt een an engems gewuer wéi di aner Beievëlker an der Émgéigend sech grad entwéckelen. Wien huet sech net well d'Fro gestallt op seng Beien „méi spéit usinn“ oder op et awer vläicht un senger Betribsweis oder eppes läit wat e vläicht anescht gemaach huet wéi den Noper. Natierlech gëtt d'Beienwoo op eiser Websäit eng Indikatioun, mee nëmmen am Gespréich mat den Beiekolleegen aus der Géigend kann ee Froen stellen an Äntweren kréien.

Doduerch dat een all Woch seng eegen Beien gesäit an dozou nach d'Stänn vum Verain léiert een awer och ganz einfach mi huerteg. Et gesäit een nämlech vill méi an der nemleschter Zäit, méi Handgrëffer, méi Krankheeten an och alt méi Feeler di een selwer net méi ze maachen brauch. A wann et dann mol awer geschitt ass dat och net sou wëll. Am Verain hëllefen mir mat Kinniginnen, Zuchtmaterial a Varroamëttel aus wou mir nëmmen kënnen, an och een Ableger ass alt gären derbäi.

Natierlech erënneren mir iwwert Joer gekuckt dann natierlech och un di verschidden Prozeduren wéi z.B. d'Beien unzemellen a Behandlungsmëttel bestellen, an och iwwert di verschidden Seminaren an Formatiounen vun eis, der Federatioun an den verschiddenen Kantonalveräiner halen mir lech um Lafenden. Wéi Dir warscheinlech wësst ass d'Memberschaft an engem Kantonalverain d'Viraussetzung fir an der FUAL (www.apis.lu) ugemellt ze sinn an doduerch d'Beienzeitung ze kréien an u verbëllegt Varroabehandlungen ze kommen.

Zu Dikrich kënnen mir mat eisem neien Beienhaischen mat separatem Schleiderraum natierlech ganz konkret deenen Beienziichter hëllefen wou et doheem un Platz feelt, oder di sech nach net fir eng Schleider an Entdeckelungsgeräter decidieren konnten.

Voilà, et sinn eng ganz Rëtsch vun Virdeeler sengem Kantonalverain bäizetrieden! Dir sidd häerzlech wëllkomm fir bei eis léieren ze kommen, an nach méi freeën mir eis wann Dir eis dono trei bleibt an mir eis regelméisseg rëmgesinn an austauschen kënnen. Och eisen Verain leeft vum Benevolat an just zesammen kënnen mir eis Aufgaben meeschteren, genee sou wéi bei den Beien.